I

Letzeburg, den 15. September 1968

Dir Damen an Dir Hären

Frenn a Bekannten

Komerodinnen a Komeroden!

A menger Begressung wöll ech net nach eng Kéer all ons Invité'en persénlech an hir Organisatio'nen enzel opzielen, dé ons Invitatio'n akzeptéert hun an hei présent sinn. De President vun der Sektio'n Letzeburg huet et gemach. Meng Begréssung göllt iech alleguer, dé iech hei zesummen font hut. Am Numm vu mengen Komeroden aus dem Féderationskomité an a mengem égenem Numm soen ech iech alleguer e wärmsten Merci fir är Participatio'n un der heiteger Journée Commémorative.

Natierlech well och ech besonnesch ons Jugend fun haut hei begréssen. Hiren Comitésmembren soen ech heimadden de Merci fun der Fédération des Victimes du Nazisme, enrolées de force, fir hir spontan Berédschaft hir Memberen zu deser Manifestatio'n anzelueden. Et ass fir d'éescht dass ons Médercher a Jongen fun haut zesummen mat de Médercher a Jongen aus dem leschte Weltkrich gemeinsam de schrecklechst Zeit comméméréeren an hirer onglécklechen Affer gedenken.

Et war eng glécklech Idi vun onser letzeburger Sektio'n och d'Jugendorganisatio'nen ze invitéeren an ech félicitéeren heimadden nach eng Kéer an aller Oeffentlechkét hir Initiateuren fir des Neierung. Eng Neierung, dé, ech gléwen, an Zukunft bestoen bleiwt. A wann én ons frét wât huet d'Jugend vun haut mam leschte Weltkrich a mat iech Naziaffer ze dongen dann äntwerte mir, wat hate mir d'Jugend vu 1940 mam éschte Weltkrich ze dun an trotzdem go'ffe just mir dé vollzähleschst Affer fum Nazziregim. Och mir hun démols fro' a glécklech an onsem Ländche geliewt. Intresseloos nogekuckt wé déseit der Musel Autobunnen a Flughäven gebaut gowen. Wé d'Zuel vun de

Flieger a Krichsschöffer vu Mo'nd zu Mo'nd ~~gestiegen~~ genues ass. Wé ömmer weider a mé gro'ss militärech Organisatio'nen ausgewiéld si gin. Wé d'Reien vun den dausenden, vun Kundgebung zu Kundgebung mé gro'ss go'wen de dem geliebten Führer zo'gejubelt an emmer mé hart no Waffen a Munitio'n gebröllt hun. Och démols schon ware Leid do dé gewarnt an eng Katastroph prophezeit hun. Awer wien wollt schon dodrun gléwen. Deitschland a Krich waren eso' weit eweg. A mir hate jo och ons Strossensperren an Diren lanscht d'Musel dé mir schén all Owes zo' gemacht hun an iwerzécht woren dass doriwer kén ~~Feind~~ Preiss era kém. Bis mir dann den 10. Maï aus alle Wolléken gefall sin wé muergens, trotz de Sperren an Diren d'Preisen durch ons Strossen gezun sin, ons Regierung séer nach en puer Suen agepakt a sech aus dem Stöps gemacht. Wé blo'w zereckt? D'Vollek, mir, o'ni Höllef, o'ni Direktiven, op ons selver ugewisen. Ech wöll hei onse schwére Wé net nach eng Ké'er opzielen. Ech wöll och hei net behâpten dass ons letzeburger Politiker an ons Pappen hätten können den 2. Weltkrich verhönneren, awer, wann d'Gefoer mé rechtzeiteg erkannt a mam letzeburger Vollek och dé aner Nopeglänner sech den Tatsachen bewosst gewiecht, serieus, kuragéert a weitsichteg Politiker ons Länner gefo'ert hätten, dann hät och können den immensen Misere verhönnert gin.

Och haut ass d'International Lag net vill besser. Zwar bletzt et hei nach net erem vum Himmel, awer deischter Wolléken sinn do. Deitschland, den Urheber vun dem leschten europäeschen Kricher ass zwar an zwé gedélt, awer no kaapp 20 Joer sinn schon erem eng Kéer d'Preisen vun der enger Haltschent dobei fir engem klengen Vollék wat frei an onofhengech wöllt sin e frieme Regim opzezwengen. A wé stét et mat déer Haltschent dé zu onser Seit leit? Arrogant a selbstbewosst wé jé an dém huet Letzeburg de Reparatio'nsvertrag misst schlécken an dém mir Zwangsrekruté'ert net nemmen beleidegent an diskriminatorech behandelt go'wen, mä wo' ons Land em eng berechtegt millio'nenhéch Entschiedegung geprellt ass gin. Durch Zwangsrekrutéerung, dé e gemengen Völkermuerd war an neischt mat gewénlech Krichsscholden zedongen huet, entstung dem letzeburger Land eng créance, e Guthaben. Bis elo huet Deitschland sech op eng séer fraglech Art a Weis lanscht d'Begleichung vun deser

Schold gedréckt. Eng Ké'er, wëll hir Ennerhändler mé raffinéert waren wé ons. Eng zwéte Ké'er durch de berühmte, frechen Bonner ~~kallen~~ Hén. Et lei also klo'eren schlechte Wöllef fir. A wann e Staat sech an eso enger direkter Fro mam Nopeschland dat léscht, da bestét wéneg Hoffnung dass och an aner politesche n internationalen Beziéhungen, Froen an Haltungen mat enger anerer Mentalitét operéert get.

Ech wöll awer net emmerlossen an et wär onfair fu mir wann ech hei net géw ennerstreichen, dass och an Deitschland et oprichteg Leit mat guddem Wöllen gitt. Leider waren bis haut hir Beméhungen em soss a si konnten sech nach net durch setzen. Vielleicht hun sie och net de nédeg Ennerstetzung durch en ugepasstenen Drock fun onsen Regierungsleit a Politiker fort Wé dém och ass:

Onst Land huet e Recht op des Entschiedegung!

Onse Staat brauch blutnédeg jidder meglechst Akommen. Ons Industrie, Wirtschaft an Handel kommen emmer mé an d'Hannertreffen gént iwer onse Nopeschlänner. Mir brauchen dem Verké'er ugepasste Strossen, modern sozial ~~an~~ klinesch Arichtungen. Et ass ons onméglech op alle Gebidder mat teschnesche Fortschrett matzekommen. Onse Staat verfügt net mé iwer dé nédeg Fongen. De letzeburger Steiersueller get bis op de leschte Su ausgepresst. An trotzdem gét et nach net duer! Emmer grésser Empreints'en Anleien a Scholden gi gemach. Oni ze zécken verschöld ons Regierung seng Bierger mé a mé Ons Kanneskanner bezuellen nach Zensen an d'Schold dé ons Majoritétspolitiker haut machen.

An dobei hat an huet Deitschland dé nédeg Réserven fir seng Schold ze bezuelen. Wat sin 500. Millio'nen letzeburger Frangen am westdeitsche Budget. Fir Letzburg awer eng wertvoll Höllef fir seng Finanzen ze sanéieren ~~verméeren~~. D'Andreiwung vun der Schold dé Bonn durch Zwangsrekrutéerung entstânnen ass, ass net nemmen mé eng Fro vun den Enrôlés de Force. Et ass eng national Fro', eng Fro' de all Letzeburger intéressére muss. E Problem un dem mir all interesséert sin op fréeren Zwangsrekrutéerten

IV

oder net.

Mir brauchen ons Suen an ons Beméhungen an Haltungen mussen eso sin, dass mir ons d'Geld kréen. Wann ons jetzeg Regierungsleit an hir héreg Politiker an déer elo zu Enn goender Legislaturperiod net wollten oder net kapabel woren fir des Créance eran ze dreiwen oder zumindestens zu engem Arrangement ze kommen, da könne se och net fun eis verlangen hinnen nach eng Kéer Vertrauen ze schenken. Ech widerhuelen nach eng Kéer: Et ass keng Entschiedegungsfroh mé vun den enrôlés, mé e Guthaben dat de Letzeburger Staat huet a wat et blutnédeg brauch. D'Politiker dé, ~~wöllen em~~ Preiss dés Schold wölle schenken, brauchen net mé mat der Stemm vun de Letzeburger ze rechnen.

Mir stinn viru Wahlen! 4 Joer lang hu mir missen nokucken wé a wat ons Volleksvertrieder geléscht a verbrach hun. Fir ons enrôlés de force ass des Period net eriwer gangen o'ni dass mir eng Rei vu Satisfaktio'nen an Erföllung vu Fuerderungen ze verzéchnen hätten. D'Gesetz vum 25. Februar 1967 huet verschidden Ugelégenhéten zu onser vollsten Zefriddenhét gelésst. An desem Joer gow endlech d'Médaille de la Reconnaissance Natiole geschâfft an den Ufank vun desen Eerungen vun Verdingschtvoll Leit dé hirt Liewen op d'Spill gesât fir letzeburgesch vervollegt Bierger ze höllefen, ass haut de muergen gemacht gin. D'Platz fir de Monument National as designéert a mir hoffen dass mir dé nächst Jounnée virun desem Eeren Monument stinn.

Leider hun mir och Enttäuschungen erliewt. Verschidden Punkten ~~vum Gesetz~~ vum Gesetz vum 25. Februar gin net eso ausgefé'ert wé an der Chamber versprach. D'Behandlung vun de Fäll vun onsem elo erkranktenen enrôlés Méderchen a Jongen ass katastrophal. Sie héfen sech vun Dag zu Dag. Dén wo haut nach gesond a monter hei stét, ka muer schons vun de Folgen vun der Verschléfung a Schwieregkéten geroden. An da gét de Misere un. Up sech aleng ugewisen ass e machtlos gentiwer der schwéerfälleger

V

Staatsmachinerie a Burokatrie vun den zo'ständegen Officen. Nemmen eng gudd organiséert a stark Associatio'n kann him do höllefen. Grad op desem Gebiet gesinn ons fédéréert Associatio'nskomitéen eng äusserst dréngend a wichteg Aufgab fir dé nächst Mént a Joeren.

Och bei der Urechnung vun onser verluerener Zeit get mat dem Enzelnem gemât wat sein zo'ständegen Service einfach fir gudd fönnt. Mir Können ons dat absolut net gefâlen lossen a wärten a nächster Zeit dé nédeschst an énergeschst Schrett enerhuelen.

Dir Damen an Dir Hären

Komerodinnen a Komeroden

Wann et och munch Joeren gedauert huet bis mir zu dénen bekannten erfrélechen Résultaten komm sin, eso ass dat aleng onser Solidaritét an Zesummenhâlen ze verdanken. Der Enegkét vun allen Enrôlés mat hiren Beschützer aus em Krich an hiren Sympatisa'en vun haut. Dass onse Wé, ons Haltung an ons Aktio'nen dé richteg waren ~~de richteg waren~~ beweist sech un de Resultater. All Arbecht vun ären Centralcomitéen wär emsoss gewiescht an zum Scheiteren veruetélt, wann dir all, wé dir hei sit net trei zur Stang gehâlen hätt. Wann dir net an äre Lokalitéten, an ären Sektio'nen, op der Arbecht an an der Freizeit iech agesât hätt fir d'cause vun den enrôlés de force an d'Undenken vun all dénen dé mir haut éeren héch gehâlen.

Nach si mir net entgülteg un onsem Endziel ukomm. Nach stét ons vielleicht dé eng oder âner hârt Prof befir. Awer wat och komme soll, mat onser Enegkét, mat onser Komerodschaft a matn gudde Wöllen vun allen dâperen a getrei en Letzeburger mussen a brengen mir et ferdeg och dé allerleschst Fuerderung ze réaliséeren. Huet Vertrauen an ennerstetzt är Centralcomité'en an déné Kommende Mént wé an der Vergangenhét an dir wärt gesinn dass och dé lescht Bastionen de gént ons gericht sin fâlen. Mir mussen a brengen et ferdeg, dass dé, dé sech gént ons gestallt hun, ké Recht behâlen, dass mir et ferdeg

brengen dass den Affer vun onsen "Morts pour la Patrie" net emsoss war, an dass mir all an engem glécklechen , properen an onofhängeschen Letzeburg können liewen. Mir all wöllen dozo' beidroen fir dass de Fridden an der Welt endlech Wierklechkét get, an dass dem Jonktem vun haut de Calwaire erspuert bleiwt de mir hun misse goen.